N°8194
Entrée le 31.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.07.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 31. Juli 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.

Der Press no gouf de 25. Juli 2023 op der Bourse vu Sydney bekannt datt Kleos Space net fäeg ass, „temporär" Finanzéierung ze fanne fir op méiglech Keessrecetten ze waarden. Den Dag duerno huet Kleos Space confirméiert datt se géif a Faillite goen.

Néng vun de 16 Satellitten, déi vu Kleos Space an d'Ëmlafbunn gesat goufen, hunn potenziell gravéierend Problemer entwéckelt oder solle bis Enn 2024 onnëtz ginn. Déi ënnert der Lëtzebuerger Flagg fuerend Entreprise gouf am Kader vun der „New Space"-Politik vum Etienne Schneider (LSAP) invitéiert, sech 2017 zu Lëtzebuerg ze installéieren.

An dem Kontext wéilt ech folgend Froen un de Minister fir Wirtschaft stellen:

- Wéi vill huet de Lëtzebuerger Staat a Kleos Space investéiert? Wéi steet d'Regierung zu dëser annoncéierter Faillite?
- War de Minister sech de Problemer vun der Firma bewosst?
- Wéi erfollegräich sinn d'Investissementer vum Lëtzebuerger Staat an de Weltraumsecteur?

Här President, ech bieden Iech, main déifste Respekt unzehuelen.

Diane Adehm
Deputéiert